sne syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech,
mat lech,
zesumme
méi staark!

# Schnell agéieren, do wou et brennt, a w.e.g. keng nei Chantieren opmaachen!!

Elo, wou d'Koalitiounsverhandlungen tëschent der CSV an der DP voll amgaang sinn, ass et dem SNE/CGFP nach eemol wichteg, eng vu sengen Haaptdoleancen ze artikuléieren an awer och seng No-Goen däitlech ze formuléieren an ze rappelléieren.

Den SNE/CGFP leet dem zukünftegen Educatiounsminister drénglechst un d'Häerz, den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen zu enger vu sengen Haaptprioritéiten ze maachen.

Eng ganz Rei Enseignantë fille sech nämlech am Ëmgang mat Kanner mat spezifesche Besoinen eleng gelooss an een normaalt Schoulhalen am Interêt vun all de Kanner ass dacks net méi méiglech. Et mussen endlech effikass Mesuren «en place» gesat ginn, fir dës Situatiounen ze remediéieren. All Kand muss schnellstméiglech déi Hëllef kréien, déi et brauch.

An dësem Dossier däerf keng onnéideg Zäit méi verluer goen an et muss direkt gehandelt ginn, well soss riskéiere mir, dass ëmmer méi Enseignanten um Terrain sech iwwerfuerdert fillen – fir net ze soen, verbrannt ginn – an an de Burn-out falen.

D'Rentrée huet eis leider nees eng Kéier gewisen, dass d'Problemer vun der «Prise en Charge» vu Kanner mat spezifesche Besoinen nach ëmmer net geléist sinn an dass a ganz villen Direktioune spezialiséiert Personal feelt, fir den Encadrement vun dëse Kanner zefriddestellend ze assuréieren.

<u>Dofir fuerdert den SNE/CGFP :</u>

- dass an de Koalitiounsaccord kloer stoe kënnt, dass an Zukunft all d'Klassen aus dem Zykel 1 nom Modell vum Precoce funktionéiere sollen, dat heescht, dass pro Klass en Team bestoend aus engem Enseignant an engem Educateur zum Asaz kënnt;
- dass de Koalitiounsaccord festhält, dass déi multidisziplinär Ekippen an de Schoule massiv opgestockt musse ginn. Am Fall vun enger Absence muss och endlech garantéiert ginn, dass dëst Personal ersat gëtt;
- dass de Koalitiounsaccord virgesäit, dës Ekippen an d'Schoulen ze affektéieren, fir dass dëst Personal direkt an ouni administrativen Opwand ka beim Kand intervenéieren;

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu

- dass d'Zuel vun den «Instituteurs spécialisés pour élèves à besoins spécifiques (I-EBS)» substantiell eropgesat gëtt;
- dass de Fonctionnement vun de Kompetenzzentre kritesch analyséiert gëtt, fir dass an Zukunft d'Ressourcen aus de Kompetenzzentren esou agesat ginn, dass si och beim Kand ukommen an net an engem administrative Waasserkapp verschwannen;
- dass Kanner mat spezifesche Besoine bei der Berechnung vum Kontingent a Consideratioun gezu ginn an et an deem Fall zu enger Erhéijung vum Contingent kënnt;
- dass am Koalitiounsaccord e Paradigmewiessel an der «Prise en Charge» vu Kanner mat spezifesche Besoine festgehale gëtt : D'Hëllef um Kand muss un éischter Plaz stoen, an net d'Prozedur. Dat heescht, dass d'Prozedure vereinfacht a beschleunegt an den administrativen Opwand reduzéiert musse ginn, fir dass d'Kand esou séier wéi méiglech eng effektiv Hëllef kritt.

Ganz generell fuerdert den SNE/CGFP d'Koalitiounspartner drénglechst op, am «Enseignement fondamental» déi bestoend Chantieren esou séier wéi méiglech unzepaken, fir do endlech Léisungen am Sënn vum Kand ze fannen.

Gläichzäiteg warnt den SNE/CGFP och virdrun, nei Chantieren opzemaachen:

- Esou gesäit den SNE/CGFP absolut keen Handlungsbedarf, déi aktuell Gestioun vun de Schoulen a Fro ze stellen. De Modell vun engem gewielte «Comité d'école» mat u senger Spëtzt engem President huet sech iwwert all déi Joren zënter der Reform vun de Grondschoulen am Joer 2009 bewäert a funktionéiert op deenen allermeeschte Plazen zur vollsten Zefriddenheet. Dee basisdemokrateschen a participative Modell muss definitiv erhale bleiwen. Wann elo envisagéiert géif ginn, den aktuelle Gestiounsmodell vun de Grondschoulen ze änneren, da wär mat groussem Widderstand ze rechnen.
- Och kann den SNE/CGFP nëmme warnen, ze probéieren, d'Tâche vum Enseignant eropzesetzen andeems probéiert géif ginn, d'Hausaufgabenhëllef an d'Tâche vun der Léierin an dem Schoulmeeschter ze integréieren. Och dëst wär en totalen No-Go fir den SNE/CGFP.

Matgedeelt vum SNE/CGFP, de 24. Oktober 2023

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie

Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56

B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

sne@education.lu
www.sne.lu